

Pressekonferenz vum 3. Mäerz 2017

Gewerkschaften hu wichteg Funktiounen: Si sollen d'Interetë vun hire Membere verrieden, dobäi op Mësstänn hiweisen, a wou méiglech, Verbesserungen proposéieren.

Heiduerch gött de soziale Fridde gesécher an e bessere Fonctionnement vum System garantéiert. Am Endeffekt féiert dat dann och zu engem Avantage fir den Acteur am Enseignement, deen all deenen aneren Involvéierten am meeschten um Häerz läit: eise Schüler.

Zréck zum Sozialdialog, resp ewech vum Sozialnondialog

Fir d'Rentrée am Hierscht huet eisen Educationminister gesot, datt hie verstanen hätt, datt hie méi misst op d'Gewerkschaften duergoen an op si lauschten. An dësem Sënn hunn mir eise Minister seng öffentlech proklaméiert Bereetschaft fir en konstruktiven Sozialdialog mat den Gewerkschaften positiv zur Kenntnis geholl.

Leider schéngt dësen Wëllen reng formal ze sinn, well nierft sëllegen onfruchtbaren direkten Versich fir Kontakt mam MEN opzehuelen mussen mir souguer feststellen datt mir op eis ageschriwwen Bréiwer mol keen accusé de réception kréien, während d'Dossieren an d'Mësstänn sech vermehren.

Net besser ergeet et eis beim Här Kersch. Eisen Minister vun der Fonction Publique hu mer zanter méi wéi engem Joer net méi gesinn, obscho mer eis och do mat schréftlechen Doleancen a Ufroen fir Entrevuen un hie gewannt hunn. Bei der eenzeger Entrevue mat der Fonction Publique, déi mir an dësem Zäitraum haten, huet hien sech vu senger Beamte verriede gelooss. Mä mir wësse jo all, datt verschidden Decisiounen just kënne vum politesche Chef selwer geholl ginn.

Duerfir wende mer eis da elo ongewinnterweis iwwert d'Medien un eis Ressortministere mat engem ganze Pak vu Problemer, **an der Hoffnung, den direkten Dialog mat eise Ministeren nees un d'Lafen ze kréien.**

Den Encadrement vun den Schüler am Fondamental an am Secondaire: kleng Kanner, grouss Problemer, grouss Kanner, k(l)eng Problemer?

Am Fondamental ginn 150 nei Plaze geschafe fir Enseignanten, déi sech ëm Schüler mat diverse Schwierigkeete këmmere. Dat ass gutt a wichteg.

Mee wéi ass et am Secondaire?

Do gëtt just an all Lycéesgebai alt déi nächst Kommissioun gegrënnt. Also just méi Belaaschtung fir déi Betreffen, awer ouni zousätzlech Formatioun a Kompensatioun. Eng Plus-value fir d'betrafte Kanner? D'Resultater vun ähnleche, schonn existente Kommissiounen léisst do schwéier Zweifel opkommen.

Mir brauchen och am Secondaire spezialiséiert Schoulpersonal fir Schüler mat „besoins spécifiques et particuliers“.

A wéi ass et mat Schüler, déi sérieux gesondheetlech Problemer hunn? Do gëtt et entretemps de **Plan d'Accueil Individualisé** fir d'Schüler, kuerz **PAI** genannt. Eng ëmständlech Prozedur, bäi där d'Eltere kënnen iwwert de Gesondheitsministère dem SPOS am Gebai matdeelen, datt d'Kanner e Problem hunn, an da kënnen d'Enseignanten eventuell matgedeelt kréien, wat si am Noutfall misste maachen, an awer eigentlech net dierfen, well se keng medezinesch Profien sinn. Während d'Enseignanten am Normalfall mol nët berechtegt sinn engem Schüler mat Kappwéi eng Aspirin ze ginn, gëtt hei erwaart, datt se am Noutfall richteg doséiert Sprëtzen, Zäppercher oder soss néideg Interventiounen maachen, fir déi un sech professionell ausgebildeten Fachkräften zoustänneg sinn. Am Kloertext: Gutt gemengt, mä net funktionell, an souguer am Endeffekt geféierlech.

Mir, als FEDUSE, bleiwen duerfir bäi eiser Fuerderung vu virun 2 Joer an insistéieren hei an haut nach eemol, datt all Schoul pro 1000 Schüler soll eng Infirmière kréien. Deemools war dem Minister seng Äntwert, dat wier ze deier. Wat a Schoule, wéi der Europaschoul, Standard ass, schéngt wuel fir de Schüler an enger öffentlecher lëtzebuergescher Schoul iwwerflëssege Luxus ze senn. Mir schwätzen hei mol grad vu gutt 30 Infirmiere. Wëlle mer wierklech bäi der Gesondheet knécken?

A wa mer d'SPOSen an déi aner Ennerstützungsstrukture fir d'Schüler an de Lycéeën schonn erwähnen, do läit och villes im Argen. Well ganz vill vun hinnen se schwéierst ënnerbesat, entweder well pensionsbedéngten Departen net ersat ginn, oder gewuesse Besoine fir

wäit aus méi Jonker einfach ignoréiert ginn. Wuelverstanen d’Lycéeë froen offiziell un, mä gi vill ze dacks einfach am Reen stoe gelooss.

Och hei nützt et näischt, just ëmmer méi formaliséiert an zentraliséiert Strukturen ze generéieren, mat den zousätzleche Contraintë fir d’Enseignanten, **mir fuerdere méi, mir fuerdere genuch sozio-edukatiivt Personal, do wou et gebraucht gëtt: Um Terrain!**

D’Ëmsetzen vun der Beamterreform, oder: wéi sech de MEN eegenhänneg eng Klagemauer opricht

Säit der Reforme vun der Fonction Publique am Oktober 2015 ass virgesinn, dass all Persoun, déi beim Staat schafft, also och all Enseignant, no 12 respektiv no 20 Déngschtjoren eng Bewertungsprozedur duerchleeft. Den Enseignant muss vum Direkter 3 Joer am Viraus benoriichtegt ginn, dass seng Bewertungsperiod ufänkt. Um Enn vun dëser “période de référence” fënnt ee Bewertungsgespräch statt, dat fir de weidere Verlaf vun der Carrière vum Enseignant matentscheidend ass. Sou kënnt et beispillsweis bei enger besonnesch gudder Bewäertung zu verschiddene Virdeeler fir den Enseignant, bei enger besonnesch schlechter deementspriedend zu Nodeeler. Am Enseignement Secondaire kënnen dës Bewertungsgesprächer allerdéngs aktuell net stattfannen, well se sech um MENJE an um MFPPRA selwer net eens sinn/ginn, wéi d’Unzuel un Déngschtjoer (Anciennetéit) vun den Enseignanten gerechent ginn.

Den Direktiounen goufe vum Ministère onvollstänneg a feelerhaft Lëschtchen zur Verfügung gestallt, déi d’Ëmsetzen vun deenen obligatoresche Bewertungsgesprächer onméiglech maachen. Net méi spéit wéi 2018, also schonn dat nächst Joer, mussen laut dem neie Gesetz déi éischt Bewertungsgesprächer stattfannen. Well dëst aus deenen genannten Grënn net méiglech ass, gëtt besonnesch engagéierten Enseignanten, an där ginn et der ganz vill, d’Méiglechkeet geholl, duerch eng gutt Bewäertung vun deenen am neien Gesetz virgesinne Virdeeler ze profitéieren.

De Staat riskéiert also ab dem nächst Joer eng Well u Plainten vu benodeelegten Enseignanten. **Dofir fuerdere mir, dass mir endlech all eis Déngschtjoren eenheetlech unerkannt kréien, an zwar ab dem éischten Dag, wou mir fir de Staat schaffen. Doduerch wär d’Berechnung vun der Anciennetéit eenheetlech an transparent** - an net wéi bis ewell willkürlech an onduerchsichteg.

Zudeem fuerderen mir och fir endlech Abléck ze kréien wéi déi Bewertungsgesprächer sollen oflafen.

A bon entendeur, salut!

All teachers are equal, some are more equal than other part I: Postes à responsabilité particulière

An derselwechter Reform goufen d'« **postes à responsabilité particulière** » geschafen. Fir et kuerz ze maachen, dat ass d'Méiglechkeet, eenzele Leit, déi eng zousätzlech Funktioun erfëllen resp. Verantwortung iwwerhuelen, e puer Punkte méi an der Pai ze ginn, amplaz, wéi bis elo, just e waarme Merci. **U sech ganz gutt a gerecht geduecht, just bei der Ëmsetzung hapert et.** 3 Beispiller:

Et ass klar definéiert, wat fir Funktiounen esou eng Majoration d'échelon hunn, allerdéngs waarden nach ëmmer - elo zanter annerhallwem Joer - ganz vill Leit drop, déi Suen och ausbezuelt ze kréien.

Aner Gruppen, esou wéi d'Conseiller didactiques, dat sënn déi Leit, déi sech ëm Stagiaire vun engem Fach këmmere an en fin de compte dofir responsabel sinn, wien no 3 Joer fest agestallt gëtt beim Staat, se bis elo komplett vergiess ginn, an d'Rektifikatioun vum Text léisst nach ëmmer op sech waarden.

Oder d'Professeurs-Candidats, dat heescht déi Proffen, déi no hirem gepackte Concours, Stage vum ale System vu virun 2015 an alle prakteschen Examen, just nach net hiren Travail de candidature geschriwwen hunn. Si sinn zwar gutt genuch, fir d'Aarbecht ze maachen, awer si sinn anscheinend net eligibel fir dës Majoratioun, déi awer souwuel Professerer ewéi Chargéen ouni Concours-Examen a gepackte Stage kënnen kréien.

Et geet also net ëm Inhalter vun der Aarbecht, mä mir ginn d'Geféil net lass, datt op all Dibbelche ronderëmgeridde gëtt, bis d'Leit eventuell d'Fleem hunn. Dat kann et net sënn!

All teachers are equal, some are more equal than others part II: eis Carrièren

Mir sänn eis jo bewosst, datt et net ëmmer liicht ass tèschent Carrièren oder tèschent Administratiounen alles eent zu eent ze vergläichen. Mä et sänn eis awer klar Ongerechtegkeeten opgefall, déi mer hei wëllen opgräifen.

Et ass gutt, datt mat der Reform, d'Chargéeën d'Méiglechkeet kréien hir Situatioun no souvill Déngschtjoer ze regulariséieren, zou beamtete Professeren mat allen Avantagen. **Mä mir fuerderen dann allerdéngs och, datt d'Professeurs Candidats**, déi schliisslech Concours, Stage a praktesch Exame gemaach a gepackt hunn, **och no enger Rei Déngschtjoren dës Méiglechkeet zur kompletter Regulariséierung musse kréien**. D'autant plus, well elo mam reforméierte Stage keng nei Kandidaten derbäi kommen.

Aner Aspekter, déi mer och schrëftlech, viru Méint, vis-à-vis vum Här Kersch bemängelt hunn, mä bis haut och nach keng Äntwert hunn:

Bäi dem éischte geet ëm eng Prime, déi déi Leit mat Bachelor (gréisstendeels am Fondamental) zu wesentlech bessere Konditioune kréien, ewéi hir Kollege mat Masterofschloss (gréisstendeels am Secondaire). Fir et ganz klar ze stellen, **mir froe** keng nei Prime hei, **just datt Leit innerhalb vum Enseignement gläich behandelt ginn a puncto Primen**, déi just ofhängeg vun den Dingschtjoere sänn.

An nach méi en décken Hond, an duerfir sänn och eis Kollege vun der AEE haut mat derbäi, huet dat neit Statut fir **d'Chargéeën**. Si se jo Employés de l'Etat, **allerdéngs gi si an enger méi niddreger Karriär agestallt ewéi Employés de l'Etat an der Administratioun**. An dat **bäi genau gläichem Schoulofschloss!** Am Resultat verdéngen dës Leit also am Ufank a bis, zum Deel, um Enn vun hirer Karriär manner ewéi hir Kollegen an der Administratioun mam selwechten Diplom am Ufank vun hirer Karriär. **Och dat hu mer zesumme mat de Kollege vun der AEE d'lescht Joer scho schrëftlech beim Här Kersch virbruecht a kloer gefuerdert, dëse Mësstand ze behiewen.**

Wat ass geschitt? Mol net dat, wat a sou Fäll gäre geschitt, nämlech datt sech hannert dem legislative Prozess verstoppt gëtt. Obschonn natierlech et och genuch Beispiller gëtt, wou, bäi genuch politeschem Wëllen, och d'Chamber séier matspille kann. Nee, et ass datselwecht geschitt, wéi bäi all deenen anere Problemer déi mer lo duergeluecht hunn. **Näischt!**

Den Stage pédagogique: mir spueren bei der Formatioun vun eisen Leit

Mä aus der Funkstille brieche dann awer och mol onverhofft riseg Verännerungen, z.B. beim Stage, der Ausbildung vun den Enseignanten.

Och deen ass reforméiert ginn, och do waren et just *Fait accompli*, fir all d'Acteuren, jenseits des Aldringers. Konsequenz? Strukturen, déi héchstens Virdeeler fir de Budget vum Ministère bréngen, pedagogesch an didaktesch awer sännlos sänn.

Virdu war e Stagiaire vun 2 Tuteurs an deenen 2 ordres d'enseignement, technique a classique, encadréiert. Lo muss vun allem 1 duergoen an dëse soll mat der halschent vun den Moyen'en och eens ginn. Déi meescht Stagiaire wäerten also an hirer Ausbildung just nach an engem ordre d'enseignement hunn, ausser säi Gebai huet zoufälleg déi komplett 2 Ordres d'Enseignement. Mä wëlle mir eis entretemps op Chance verloossen, fir sécher ze stellen, datt mer keng Zwouklassegesellschaft téschent de Schoule kreéieren? Darwinismus ass hoffentlech net d'Zilsetzung vum dësem Autonomiesgedanken.

Zur Autonomie vun den Schoulen

Ee vu den aktuelle Credoën an der Educatiounspolitik ass jo d'Autonomie vun de Schoulen. Géint en Ofbau vu starrem Zentralismus ass jo och näischt ze soen, allerdéngs dierf et hei net zum genaue Géigendeel kommen, wou all Schoul sech selwer iwwerlooss ass.

2 Saache se wichteg:

1. Et muss **e roude Fuedem op nationalem Niveau erkennbar bleiwen**, am anere Fall riskéiere mer en Auserneendrift vum de Standarden an de verschiddene Schoulen. An dat féiert da net zou enger gesonder Konkurrenz vu gudden Iddien, mä zu enger ongesonder Konkurrenz vu Gebaier.

2. Et musse **Suen dohi fléissen, wou se gebraucht ginn, nämlech an d'Contingenté vun de Lycéeën**. Dovun hänkt et nämlech of, ob an enger Schoul 6 Klasse vu 17, 5 Klasse vun 20 oder just 4 Klasse vu 25 Schüler kënnen sänn. Eent ass sécher, do leie Welten dertéschent.

2007 an 2015 sënn Aschnëtter an Aspuerungen am Secondaire gemaach ginn. Ajo, nee, de Ministère huet ëmmer drop insistéiert, et géif net gespuert, déi Sue géif just op anerer Plaz reinjektéiert. Majo, wann hei net eng vun deene wichtigste Plaze fir sou eng Reinjektion ass, da wësse mir och net wou eng ka sënn.

An wann mer schonns bei der Autonomie sinn: Genau sou wichteg wär et vun enger anerer administrativer Sënnlosegkeet eweg ze kommen. D'Postes à responsabilité hu mer jo schonn erwähnt. Dës ginn zu engem Deel vum Ministère an zu engem Deel vun den eenzele Lycéeë verdeelt. Allerdéngs **hunn d'Lycéeën hei ganz klar Quoten operluecht kréit** no deenen des Plaze kënne verdeelt ginn, **no Gruppen agedeelt**. Wann fir den ee Grupp 2 Plazen do sënn, awer 3 Leit aus dem Grupp eng Responsabilitéit iwwerholl hunn, da kréit ee keng Majoratioun.

Wa gläichzäiteg an der nächster Grupp 3 Plaze sënn, an awer nëmmen een eng iwwerhëllt, da bleiwen der 2 fräi, mä den aus dem 1. Grupp däerf se net kréien. **Dat war gutt gemengt, mä schlecht ëmgesat**. Et geet jo drëms Leit fir hir Aarbecht ze belounen an net fir Beamten-Mensch-Ärger-Dich-Nicht ze spillen. Hei wier **déi perfekt Plaz, wou méi Autonomie fir déi eenzel Schoule wierklech vu grousem Virdeel wier**.

Et ginn sécherlech vill interessant Iddien an deenen vum MEN geplangten Reformen, déi et derwäert wiere genau gekuckt, an eventuell optiméiert ze ginn. Mä mir ginn d'Gefill net lass, datt et vu ministerieller Säit guer net erwünscht ass, fir do d'Acteuren vum Terrain iwwert hier gewerkschaftlech Représentatioun konstruktiv anzubannen.

D'Reform vum Inférieur am Technique: dës Kéier muss den 1. Ulaf setzen!

An da sënn do nach déi strukturell Reforme vum Enseignement am Secondaire, déi scho wäit um Instanzewee sënn. Hei ass et gaangen, wéi leider schonn sou dacks an de leschte Joren, eis gouf e flouen Avant-Projet beschriwwen, an dee Moment wou et dann em konkret Texter gaangen ass, se mer mol net méi informéiert ginn. A mir wësse jo awer all, datt den Däiwel meeschtens am Detail setzt.

Ganz besonnesch gëtt eis hei d'Aféieren vun den **niveaux avancés et de base** bei den Hauptfächer ze bedenken. Déi wuel **luewenswäert Iddi fir** differenzéiert Coursen unzebidden fir d'Schüler mat op de Wee ze huelen ass un sech eng ganz gutt... **wann se gutt ëmgesat gëtt**. Mä wat Ëmsetzungen ubelaangt, do se mer, zanter der 1. Reform am Professionnel, awer gebrannte Kanner.

Et kéint ee laang iwwert d'Vir- a Nodeeler vun Detailer schwätzen. Mä dat Wichtegt läit jenseits der Technikalitéiten. Vu Ministèressäit gëtt de gréisste Problem iwwersinn: **Wann ee bäi grouse Verännerungen d'Leit vum Terrain net mathält an net abënnt, da fënnt, wann iwwerhaupt, just eng formal awer definitiv keng inhaltlech Ëmsetzung am Alldag statt.** Wann e Mënsch sech net als Deel vun enger Iddi gesäit, da kann en och net derfir brennen, e gëtt héchstens dervu verbrannt.

Fazit

Ofschléissend musse mer leider festhalen, datt eis zwee Ministeren, déi allebéid Reforme plangen an ëmsetze wëllen, am Endeffekt d'Leit um **Terrain ëmmer nëmme virun de Fait accompli setzen** an dann onerreechbar ginn. Dat ass awer **keng gesond Approche**, well dorausser nähren sech Ängschten, an et fannen sech ëmmer Geeschter, déi dës Ängschten ausnotze wëllen. An dat ass ni zum Avantage vun der Schoul an alle Bedeelegten!

Mir ginn dem Minister Meisch Recht mat deem, wat hie virun e puer Joer gesot huet: **Eleng geet ee séier, mä zesumme méi wäit!**

An enger Demokratie gemeinsam no Léisungen ze sichen ass schliisslech en Zeeche vu Stärkt a net vu Schwächt. **Duerfir wënsche mer eis vun de Ministeren nees méi Courage, fir zu enger Kultur vum Dialog amplaz vum Fait accomplien zrëckzefannen.** Dat mer gemeinsam a virdu kënne Fakten analyséieren an Alternativen ofweien, amplaz herno mat, vun Ängschte produzierten, alternative Fakte konfrontéiert ze sënn.